



**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Monsieur le ministre du Travail et de l'Économie sociale et solidaire, Georges Engel, à la question parlementaire n°6963 du 5 octobre 2022 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet du site de production du groupe Liberty Steel à Dudelange**

D'Efforte vun der Regierung konzentréieren sech dorop fir an enker Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften an der Personalverriedung Aarbechtsplazen an eng industriell Aktivitéit um Site vu Liberty Steel ze erhalten. Eng méiglech Optioun dofir ass weiderhin datt een industriellen Acteur d'Wierk zu Diddeleng iwwerhëlt.

D'Wirtschaftskommissioun vun der Chamber, an där den honorabelen Deputéierte Member ass, gëtt reegelméisseg iwwer déi rezent Entwécklungen am Dossier Liberty Steel informéiert. Dat war fir d'lescht an der Sëtzung vum 20. Oktober 2022 de Fall wéi de Wirtschaftsminister d'Deputéiert op de leschte Stand vum Dossier bruecht huet.

De Wirtschaftsminister an de Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft haten de 25. Oktober 2022 eng Entrevue mat Verrieder vun OGBL, LCGB an der Personalverriedung vum Site vun Diddeleng fir iwwer d'Zukunft vum Wierk ze schwätzen. An der Reunioun huet de Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft d'Gewerkschaften an d'Personalverriedung informéiert a wéiwäit de Beschäftegungsfong a Saachen Ausbezele vu Paien intervenéiert wann dat eemol néideg ass.

Luxembourg, le 14/11/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot